



Léif Enseignant,er,


Säit dem Ufank vun der Covid-19 Pandemie huet d'Schoulhale sech verännert. Nei Begrëffer ewéi „Homeschooling“ an „teamsen“ sinn dobäi komm an zum Alldag ginn. Beweegt Léieren dogéint ass a bleift awer nach ëmmer e wichtege Faktor fir déi kierperlech a geeschteg Leeschtungs-fäegkeet vun eise Schülinnen a Schüler ze verbesseren. Den Aarbechtsgrupp huet och wärend der Pandemie fläisseg geschafft an dofir kënnen mir lech hei an onser éischter Newsletter vum Schouljoer 2021-2022 zwou flott Neiegkeeten esou wéi eise berühmten Adventskalenner presentéieren.

1. Internetsite

Op dem alen Internetsite vu clevermove ass an de leschte Joren a Méint net méi vill gelaf. Mir sinn awer houfreg, no intensiver Aarbecht, lech endlech onse fuschneie Site kënnen virstellen. Sidd virwëtzeg a luusst bis eran www.clevermove.lu

Hei fannt Dir d'Beschreibung vun onsem Projet mat de meescht gestallte Froen, flott Fotoen a Videoen iwwert Aktivitéiten, Beispiller vu Bewegungsaktivitéiten an nach vill aner interessant Informatiounen an News.

Klickt lech derduerch a gäre kënnt Dir ons e Feedback iwwert den neie Site op info@clevermove.lu hannerloossen. Mir géifen ons freeën.



2. Karteikëscht

An Zesummenaarbecht mat den 2 anere SCRIPT-Projeten Mobak a Bicycool huet den Aarbechtsgrupp clever move fir dëst Schouljoer eng Karteikëscht erausbruecht. clever move proposéiert lech ronn 100 verschidden Aktivitéiten zum Thema Bewegung, déi an 3 Kategorien ënnerdeelt sinn: Bewegungspausen, Bewegtes Lernen a Bewegte Schulhofpausen. Dës Karteikaarte sollen lech hëllefem ëmmer déi passend Aktivitéit ze fannen, déi Dir séier an einfach an Ärem Schoulalldag ëmsetze kënt. Op eisem Internetsite fannt Dir och de Link fir de Bon de commande.

Mir wënschen lech vill Spaass beim Ausprobéieren.



3. Adventskalenner 2021

Esou wéi der et déi lescht Jore gewinnt sidd, schécke mer iech och dëst Joer erëm eise bewegten Adventskalenner fir déi lescht Deeg vun dësem Trimester méi aktiv ze gestalten. Dir fannt en ugehaangen un dësem Newsletter respektiv op eiser fuschneier Internetsäit.

P.S.: Sidd Dir als Schoul net méi un dëser Newsletter interesséiert, da maacht eis e Mail (info@clevermove.lu) fir en ofzebestellen.